CSV Conter

Conter, 8. Oktober 2025

**Pressematdeelung**

Dir Dammen, Dir Hären,

No iwwert engem Joer, wou am Gemengerot vu Conter wéineg géint de Ball mee virun allem géint d'Buergermeeschtesch gespillt gouf, huet d'Madame Marion Zovilé-Braquet haut den Owend am éischte Gemengerot no der Rentrée gläich zu Ufank matgedeelt, datt si hir Demissioun als Buergermeeschtesch beim Groussherzog agereecht huet.

D'CSV bedauert dëse Schratt, well Conter domadder eng engagéiert Gemengemamm verléiert, déi a knapp 20 Joer am Gemengerot, dovunner déi lescht 8 Joren als Buergermeeschtesch, zesumme mat de Kolleegen aus der Fraktioun, ganz vill Guddes fir dës Gemeng an hir Bierger geleescht huet.

An dëser Zäit goufe vill flott a virun Allem wichteg Projeten (Duerfkär - Sécherheet a méi Gréngflächen an onsen Dierfer, Erneierung vun aler Infrastruktur mat Verkéiersberouegung, Schoul a Sportshal, abordabel Wunnraum, asw asf ...) an der Gemeng realiséiert. Weider Projete sinn a Virbereedung a prett ausgefouert ze ginn. Dorënner si ganz besonnesch de Neibau vum Gemengenhaus mat Integratioun vun der aler Schoul an der Ariichtung vun enger Maison Médicale mat Apdikt am aktuelle Gemengenhaus.

Dës Politik fir de Bierger a seng Gemeng gouf och duerch exzellent Walresultater honoréiert, esou datt an de leschten 20 Joren, ronn 12% Punkten derzou gewonne konnte ginn an d'CSV op 44,25% vun de Stemme bei de leschte Wale komm ass.

Och wann déi aktuell Koalitioun eesäiteg vun der LSAP gekënnegt ginn ass, ass d'CSV-Fraktioun weider bereet sech verantwortlech fir d'Gemeng anzesetzen.

D'Madame Marion Zovilé-Braquet wäert hire Poste faisant fonction weiderféieren, bis datt et kloer ass, wéi déi nei Majoritéit zu Conter ausgesäit.

Merci Marion.

CVS Conter
Wagener André
Sekretär

Annexe: Deklaratioun vun der Madame Marion Zovilé Braquet haut am Gemengerot